LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité à la question parlementaire n°3718 du 3 mars 2026 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen concernant l'impact environnemental des activités d'un broyeur à Aubange.**

**1) Wéi eng Reegelen gëllen am Fall vun esou enger Demande bei eise belschen Noperen a wéi eng lëtzebuergeschen Autoritéiten sinn an dës Decisioun involvéiert a wéi?**

D'Legislatioun an der Wallonie gesäit bei enger Modifikatioun vum "permis d'environnement" e puer Méiglechkeete fir eng grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht vir.

Wann d'Modifikatioun ënner d'Legislatioun vun den "Évaluation des incidences sur l'environnement (EIE)" fält, da verlaangt d'Espoo-Konventioun, datt déi belsch Autoritéiten den Dossier un déi betraffe Nopeschlänner weiderleeden an d'Populatioun an d'ëffentlech Consultatioun agebonnen gëtt. Doriwwer eraus gëtt et och am Kader vun ënner anerem der "Industrial Emissions Directive (IED)" eng Reegelung fir d'Nopeschlänner am Fall vun signifikanten Ëmweltauswierkungen ze consultéieren.

D'Ëmweltverwaltung huet keng Informatiounen dozou ob d'Modifikatioun heirënner fält. Bis elo ass d'Ëmweltverwaltung vun de belschen Autoritéiten nach net kontaktéiert ginn.

**2) Wéi positionnéiert d'Regierung zu enger Erhéijung vun den Emissiounslimiten, wa se gesetzlech verhënnerbar ass?**

Bei der Erhéijung vun den Emissiounslimiten handelt et sech laut dem belsche Presseartikel ëm de Mangan (Mn) an de gesamtorganesche Kuelestoff (COT). Fir béid Parameter ginn et keng Limite fir d'Konzentratiounen dovunner an der Bausseloft - weder op EU Niveau nach op nationalem Niveau.

Ausserdeem huet d'Ëmweltverwaltung eng Miessstatioun zu Rodange wou de Stëbsnidderschlag an den Undeel vu de Schwéiermetaller am Stëbs iwwerwaacht ginn. Déi Statioun ass op enger Distanz vun 2,5-3 km südëstlech vum betraffenen Industriesite an der Belsch placéiert. D'Miesswäerter si niddereg a weise net op en Afloss vun enger bestëmmter punktueller Quell hin. D'Resultater vun de genannte Miessunge gi reegelméisseg ënnert dëser Internetadress publizéiert: https://environnement.public.lu/fr/loft/air/mesures/publications-periodiques.html .

Lëtzebuerg, den 13. Abrëll 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit